

	26^e séance	Présidence M. Jean Spautz, Président
	Mercredi 30 janvier 2002	

Ordre du jour

1. Projet de loi 4898 portant approbation de la décision du Conseil de l'Union européenne du 29 septembre 2000 relative au système des ressources propres des Communautés européennes (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. Projet de loi 4739 sur les enquêtes techniques relatives aux accidents et aux incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et du chemin de fer (*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
4. Projet de loi 4559 portant approbation de la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (CEPMMT) et du Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme, signés à Bruxelles, le 11 octobre 1973 (*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
5. Proposition de loi 4808 sur le vote par Internet (*Présentation – Discussion*)
6. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relative aux comptes de l'exercice 2000 de la Cour des Comptes (*Vote*)
7. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et Henri Grethen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4898 iwwert d'Ressourcë vun der Europäescher Gemeinschaft. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas, Henckes a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

1. Projet de loi 4898 portant approbation de la décision du Conseil de l'Union européenne du 29 septembre 2000 relative au système des ressources propres des Communautés européennes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert d'Einnahme vun der Europäescher Communautéit, respektiv haut vun der Europäescher Gemeinschaft, huet eng ganz laang Geschicht an eng Geschicht, déi mouvementéiert ass. Ech denken, et ass eng Geschicht, déi momentan nach net zu Enn ass an déi no der heiteger Etapp nach wäert eng ganz Rei zousätzlech Etappe musse kréien.

Et ass also eng Geschicht mat villen eenzelnen Deeler, déi sech logescherweis och an eenzel Etappen agedeelt huet, well noutgedrongenerweis d'Geschicht vun den Einnahme vun der Europäescher Unioun sech där vun der Entwécklungsgeschicht vun Europa am Allgemenge muss upassen. Et ass also normal, datt se vill Etappen huet, well an deene leschte Joren d'Aufgabegebitt vun der Europäescher Unioun sech substanzéiert geännert huet a soumat d'Finanzéierung misst deem Aufgabegebitt ugepasst ginn.

Ech wëll haut keen Historique maache vun där ganzer Evolutioun, mä just e puer prezis Etappen ernimmen, fir ze weisen, wéi d'Geschicht lues a lues virugaangen ass.

Dat éischt Fundament hate mer selbstverständlech déi Zäit an de Vertrag vu Roum, wou den Artikel 200 scho festgesat huet, datt d'Recettë vun der Europäescher Communautéit géinge proportionell zu der Gréisst vu jiddfer Memberstat iwwert d'Contributioun vu jidderengem vun deenen déi Zäit sechs Memberstaten eragefouert ginn.

Den Artikel 201 huet awer och scho virgesinn, datt een dës Contributioun kënn ersetzen duerch e Système de recettes propres, wéi et genannt ginn ass. Déi Zäit war awer just de gemeinsamen Douanestaf als Recettes propres virgesinn.

Duerno war déi nächst grouss Etapp den Accord vun 1970, deem hei zu Lëtzebuerg geholl ginn ass, wou vun de Recettes propres dräi gréisser Schinne festgesat si ginn. Dat Éischt op de Schinne war e Prélèvement op Agriculture an Zocker, fir d'gemeinsam Agrarpolitik op den Importatiounen, déi aus net-communautaire Länner komm sinn.

Déi zweet grouss Schinn waren d'Douanesrechter, mat engem gemeinsamen Douanestarif op Importatiounen, déi ausserhalb vun der Europäescher Unioun komm sinn.

Déi drëtt grouss Schinn war e Prozentsaz, deem déi Zäit e Maximum vun 1% virgesinn huet op der TVA, deem op enger gemeinsamer Evaluatiounsbasis applizéiert gouf. Dës Recettë si selbstverständlech schnell ongenügend ginn a sinn och vun Zäit zu Zäit adaptéiert ginn.

Eng gréisser Adaptatioun ass awer eréischt 1984 zu Fontainebleau komm, wou fundamental Ännerungen agefouert gi sinn. Zum Beispill d'Augmentatioun vum Taux maximal d'appel vun der TVA, mä awer och d'Aféierung – an Dir kënnt lech bestëmmt un déi mouvementéiert Diskussiounen déi Zäit erënneren – vun engem System vu budgetärem Ajustement, wou eng Ausnahm vu Groussbritannien agefouert ginn ass. Deen Dégrevement, dee fir Groussbritannien agefouert ginn ass, huet natierlech dozou gefouert, datt déi Zomm huet missen ersat ginn duerch eng Répartitioun, déi tëschent deenen anere Länner geschitt ass.

Och do erëm sinn, no 1984, d'Besoinen vun den Einnahmen schnell méi grouss ginn an 1988 zu Bréissel an 1992 zu Edinburgh hu missen zousätzlech nei Adaptatiounen gemaach ginn.

Haut ass et esou, datt d'Ressources propres déterminéiert gi sinn an den Haaptlinnen zu Bréissel 1982 an zu Edinburgh 1992. A wann ee se wëllt résuméieren, da kann een dat esou maachen:

Eng éischt Zort vu Recettes propres besteet aus Droits agricoles a Kotisatiounen op d'Zirkulatioun vum Zocker,

eng zweet Zort besteet aus Douanesrechter,

eng drëtt Zort aus engem Prozentsaz vun der TVA an,

eng véiert Ressource sinn d'Contributiounen vu jiddfer Memberstat op deem jeeweilege PNB, dee fixéiert ass.

Zu Edinburgh hunn d'Stats- an d'Regierungschefen eng Rei Émännerunge proposéiert an déi wichtegst vun deenen Émännerunge war déi, fir de budgetäre Plafong vun 1,20% vum PNB communautaire op 1,27% bis 1999 évoluieren ze loossen.

Déi zweet Émännerung war déi, fir de Plafond d'appel vun der TVA vun 1,4 op 1%, mat Palieren, tëschent 1995 an 1999 zréckzeféieren.

A schlussendlech ass och dee Moment, dee sou genannten "écrêtement" agefouert ginn. Dat heescht,

eng progressiv Reduktioun vun der TVA-Assiette vu 55 op 50% vum PNB vun de Membersstaten, an dat vun 1995 un, fir déi véier am mannste favoriséiert Staten, a mat Etappen tëschent 1995 an 1999, fir alleguer déi aner.

Den heitege System, esou wéi mer en haut hunn, baséiert sech also op déi Punkten. D'Situatioun huet staark évoluert an der Tëschenzäit. Zu Berlin ass 1999 decidéiert ginn, datt e grouse Besoin do wier, fir de Finanzéierungssystem am grouse Ganzen ze iwwerkucken an dat aus e puer Grënn.

Deen éischte Grond ass deem, datt ee wollt de Finanzementssystem besser un déi effektiv Finanzéierungs- a Kontributiounskapazitéit vu jiddfer eenzelne Stat adaptéieren an déi Kontributiounskapazitéit respektéieren an esoumat eng gréisser Equitéit aféieren.

Den zweete Punkt ass deem, datt een u sech vun deem Finanzementssystem huet missen eng Generalrevisioun iwwerhuelen, fir de System um Horizont vum Elargissement, dee bevirstong, eng Kéier generell ze iwwerkucken, well och verschidde Problemer opgetaucht waren an den 90er Joren.

Wann ech déi Problemer kuerz eng Kéier dierf ernimmen.

Deen éischte Problem war eng gewëssen Ongerechtegkeet, déi doranner bestanen huet, datt d'Ressourcen, déi iwwert d'TVA erakomm sinn, am Fong staark déi manner räich Länner belascht hunn, well an deene manner räiche Länner d'intern Consommatioun eng méi grouss Proportioun vum nationale Räichtum représentéiert huet wéi an deene Länner, wou de PNB iwwert der Moyenne war.

De Pourcentage d'appel vun der TVA war also fir déi Länner eng proportionell méi grouss Charge wéi fir déi méi räich Länner.

Dofir ass dann op där enger Säit de Plafond d'appel vun der TVA erfogesat ginn an op där anerer Säit eng méi grouss Wichtigkeet der PNB-Ressource zougestan ginn, wat u sech duerch den neien Equilibre vun deenen zwou Recettë méi eng grouss Gerechtegkeet tëschent deene Länner sollt aféieren.

Dann erënneren ech och nach un déi Diskussioun, déi mer hate virun e puer Joer, déi sech d'Diskussioun vun den "Netto-Bezueler" genannt huet. Zu Fontainebleau war effektiv 1984 decidéiert ginn, datt Groussbritannien eng Rei Dégrevementer kënnt kréien. Déi Dégrevementer hunn awer missen, well d'Finanzéierungsbesoinen vun der Communautéit net méi kleng gi waren, dee Moment vun anere Länner iwwerholl ginn.

1999, wou Netto-Bezueler haaptsächlech Däitschland, Éisträich, Holland a Schweden waren, ass zu Berlin festgehale ginn, datt an Zukunft déi Länner, déi Netto-Bezueler wäeren, net méi integral um Finanzement vun der britescher Korrektioun bräichten ze participéieren.

Anerersäits ass och de Mechanismus vun der Rechnung vun der britescher Korrektioun vereinfacht ginn, ouni datt awer do déi global Zomm geännert ginn ass.

De Conseil huet dee Moment zu Berlin och décidéiert, datt d'Kommissioun eng approfondéiert Analys vum Finanzementssystem sollt maachen an deene Joren duerno an datt se sollt Propositione fir den 1. Januar 2006 op den Dësch leeën.

D'Konklusioun vum Conseil sinn 1999 an eng Prozedur gaangen, déi doranner bestanen huet, datt eng Proposition vun der Kommissioun de 14. Juli 1999 op den Dësch geluegt ginn ass, datt esouwuel d'Kommissioun, wéi de Conseil, wéi d'Parlament hiren Avis ofginn hunn, datt de Conseil ECOFIN schlussendlech den 29. September 1999 eng Décisioun geholl huet.

De Résumé vun där Décisioun just an e puer Punkten.

Deen éischte Punkt ass déi Dispositioun iwwert d'Droits agricoles. D'Kotisioun iwwert d'Zirkulatioun vum Zocker an d'Droits de Douane bleiwen onofgeännert, ausser datt d'Memberstate kënnen à titre de frais de perception 25% vum Volume géint 10% vum Volume virdrun zréckhalen.

Den zweete Punkt ass deen, datt den Taux d'appel maximal vun der TVA vun 1% op 0,75% fir d'Joren 2002 an 2003 zréckgefouert gëtt an op 0,50% fir 2004.

Den drëtten Punkt ass deen, datt déi britesch Korrektioun vereinfacht ginn ass an datt ebe fir déi véier Netto-Bezueler-Länner, Däitschland, Éisträich, Holland a Schweden, d'Kontributioun um Finanzement vun där Korrektioun erfogsat ginn ass.

De véierte Punkt ass, datt de Plafong vum Budget vun de Paiementer vun der Communautéit wäert 1,27% vum PNB vun de Memberstate bedroen an de Budget vun den Engagementer op 1,335% vum PNB festgesat gëtt.

Aus der Reduktioun vum Taux d'appel maximal vun der TVA engersäits ergëtt sech selbstverständlech eng Erhéijung vum Taux vun der PNB-Ressource, deen am Kader vun der gemeinschaftlecher Budgetprozedur festgesat gëtt.

Wat heescht dat elo fir Lëtzebuerg? Dat heescht fir Lëtzebuerg ganz einfach eng Erliichterung vun der Charge contributive, an dat ass jo fir eis u sech dee wichtegste Punkt.

Mir haten 2001 eng Charge contributive vun 205,4 Milliounen Euro. Wa mer mat deene selwechte Prinzipie se géingen héichrechnen op 2002, wat mer jo nach net wëssen, dann hätt mer do nom alen Tarif eng Charge contributive vun 231,3 Milliounen Euro. Wa mer se awer mat deenen Émännerungen, déi mer elo, denken ech, haut wäerte stëmmen, rechnen, dann hätt mer nëmme méi eng vun 230,8 Milliounen Euro. Also e licht Erfogoe vun der Charge contributive vu Lëtzebuerg. 2003 war et

mat deem normale System eng Charge vun 255,4 a mam neie System wahrscheinlech vun 247,5 Milliounen Euro. Dat sinn awer alles just Previsiounen, wou mer herno musse kucken, wat d'Realitéit ergëtt, mä egal wéi ass den Ënnerschied ëmmer do. Mir wäerten, egal wat d'Realitéit gëtt, ëmmer manner bezuelen an deem neie System wéi an deem ale System.

Fir eis ass et also gönschteg, an dat entsteet einfach doduerch, datt d'Reduktioun vun der Kontributioun au titre de la TVA, wou mir e relativ groussen TVA-Ëmsaz hunn, jo méi kleng gemaach gëtt, wat sech also fir eis gönschteg auswierkt.

Et ginn och nach Länner, déi hei besser ewechkomme wéi virdrun. Dat sinn déi véier genannte Länner, déi fréier Netto-Bezueler waren, aus deem Grond, deen ech elo genannt hunn, datt se also manner un der Kontributioun vum Dégrevement vum britesche Kinnekräich participieren. Dat ass Lëtzebuerg, dat ass Groussbritannien selwer, dat ass Irland an dat ass d'Belsch.

Et ass esou, datt de Conseil d'Etat näischt Spezifesch iwwert dësen Text anzuwenden hat, mä datt e just gesot huet, den Titel soll ëmgeännert ginn. Dat huet d'Finanzkommissioun vun der Chamber och ugehall. En hat keng weider Remarque ze maachen.

D'Kommissioun huet der Chamber proposéiert, à l'unanimité dësen Text unzehuelen, an ech ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Fong geholl ass den Ausféierung vum Här Wiseler als Rapporteur net ganz vill bäizefügen. Ech wëll just ënnersträichen, dass d'Lëtzebuurger Parlament Diligence gemaach huet.

Wann ech d'Prozedur kucken, déi op der Säit 5 festgehalten ass, da muss ech soen, dass jiddferee sech zimlech vill Zäit geholl huet, fir doriwwer nozedenken, beziehungsweise driwwer ze diskutieren. Ech géing och der Regierung – ech weess, dass ech dee Falsche vis-à-vis hunn, mä deen hält dann deem Richtegen et mat – mat op de Wee ginn, dass wann esou Décisiounen am Ecofin am September 2000 geholl gi sinn, dann awer vläicht och dru geduecht gëtt, fir eis och e bëssen Zäit ze loossen, well et ass e bëssen iwwert de Knéi gebrach ginn. Mir hunn et acceptéiert, well mer der Meenung sinn, dass mer net schlecht opfalen als europäesch Schüler, mä mir wäeren awer frou, wa mer déi nächste Kéier e bësse méi Zäit hätten.

Zum Inhalt selwer ass net vill ze soen. Mir stinn derzou. Mir ginn eisen Accord derzou. Ech wär frou, wann Dir nach eng Kéier kéint iwwert déi Propose nodenken, déi

ech lech schonn an der Finanzkommissioun déi leschte Kéier gemaach hat, nämlech d'Duerstellung vun de Recettë vun eiser TVA, déi, déi éischters am Budget pour ordre stinn, an zweetens d'Duerstellung vun der eigentlecher Kontributioun, déi mer leeschten, déi am Budget ganz anescht materialiséiert ass.

Ech fannen, et wär wesentlech méi korrekt, wann ee géing higoen an net beispillsweis dat, wat um Niveau vum PNB vun eis ze bezuelen ass, direkt ofzéie vun deem, wat mir un TVA anzéien. Dat gëtt engem e falscht Bild, well dat, wat mer un Hand vun deem Resultat als TVA-Recette zu Lëtzebuerg androen an den ordinäre Budget an d'Recetten, entsprécht jo net richteg dem eigentlechen Deel vun TVA, dee mer wierklech zu Lëtzebuerg kënnen verwenden, well eis Ressourcen dee fräi maache müssen opgrond vun dem Element PNB. Dat misst ee kënnen am Budget materialiséieren.

Ech weess, dass dat e Problem ass bei der Ëmstellung, et awer nëmmen eng Kéier e Problem ass. Ech sinn awer der Meinung, dass wann een dat effektiv méi kloer a méi transparent wëllt maachen, een op dee Wee misst goen.

Wa mir eng Kontributioun ze leeschten hunn opgrond vum PNB, dann ass dat eppes, wat aus dem Statsbudget eraus soll kommen an net virdrun ofgezweigt soll ginn. Ech weess, et steet am Budgetsdokument dran. Et kann een et novollzéien. Et ass net, dass dat elo esou opaque wier, mä et wier vill méi klor, wann een dat op déi do Aart a Weis kënnt maachen. Ech hat lech d'Propose gemaach. Denkt driwwer no.

D'Progressioun, déi een ee Joer kënnt hunn iwwert deen do Wee, déi kënnt ee klor dobaussen explizéieren, well et am Fong op deenen zwou Säiten, och an den Dépenses, spillt. Mir hätten esou méi e proppert Bild. Et sinn nach zwou, dräi esou Quacken dran, an ech wär frou, wann Dir eis eng Kéier eng Propose kéint maachen, fir se ze änneren.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech bréngen den Accord vun der ADR-Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk). - Här President, ech wëll e bësse meng Verwonnerung zum Ausdrock bréngen, wéi wéineg zu dësem Gesetzesprojet diskutéiert gëtt, obscho jo awer do viles ze soe wär, well un der Eegefinanzéierung vun der Europäescher Unioun ass an der Vergaangenheet dauernd erëmgefléckt ginn.

Och dat, wat 1999 zu Berlin erauskomm ass, ass nach net der Weisheit letzter Schluss. All Kéiers, wann Ännerunge gemaach gi sinn, fir déi Finanzéierung vun der EU iergendwéi festzeschreiwen, dann huet sech an deem Joer duerno schonn erausgestallt, dass déi Moossnamen an déi Kreditter, déi do virgesi waren, net géingen duergoen, fir de Funktionement oprechtzeerhalen, esou dass kuerz Zäit derno schonn erëm huet missen doriwwer geschwat ginn. An deene verschiddenen Diskussiounen sinn dann awer ganz oft national, fir net ze soen nationalistesch Téin ugeschloe ginn, wat jo dann och derzou gefouert huet, dass Groussbritannien eng Exceptioun gemaach kritt huet, well d'Mme Thatcher deemools der Meinung war, si missten zevill bezuelen.

Net berücksichtegt bei dëser neier Opdeelung vun de Kontributiounen zur EU gouf natierlech déi zukünfteg EU-Erweiterung. Kee Mënsch weess, wéi vill dass déi kascht. Kee weess, wat fir eng Kontributiounen déi aner Länner, wou mer wëssen, dass se jo awer net esou staark finanziell do stinn, zum Funktionement vun der EU bäidroen. Alles dat ass net gewosst, esou dass schonn an der Décisioun vu Berlin ugekënnegt ginn ass, dass d'Kommissioun misst virun 2006 erëm eng Kéier een anere System virleeën, fir d'Finanzéierung vun den Eegemëttel fir d'Europäesch Unioun anescht ze berechnen.

Et gëtt gesot, dat géing elo fir Lëtzebuerg eng kleng Erliichterung bréngen, déi awer kaum an d'Woschuel fält, mä wat awer an engem gewëssene Widdersproch steet zu deem, wat am Exposé des motifs steet, wou dervu geschwat gëtt, dass sollt der kontributiver Kapazitéit vun deenen eenzelne Länner méi Rechnung gedroe ginn.

Wann dat de Fall wär, dann hätt missen héchstwahrscheinlech d'Kontributioun vu Lëtzebuerg an d'Luucht goen, well eis kontributiv Kapazitéit jo méi grouss ass wéi déi vun anere Länner. Dass dat net op der Basis vun der kontributiver Kapazitéit berechent gëtt, beweist sech jo och doran, dass deen Deel, deen dat géing versinnbildlechen, den Undeel, dee geliiwwert gëtt iwwert de PNB, dass deen am Fong geholl nëmmen als Kompensatioun gëllt vis-à-vis vun deenen anere Kontributiounen. Wann déi net duerginn, da gëtt de Produit national brut méi berechent. Menger Meinung no, misst grad dat deen Deel sinn, dee fir d'Finanzéierung vun der EU misst erugezu ginn, an net besonnesch d'TVA oder aner Ofgaben.

Dat gesot, Här President, ginn ech meng direkt Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet net, an zwar aus deem Grond, well déi Exceptioun, déi deemools fir d'Mme Thatcher gemaach ginn ass, nach ëmmer oprechterhale gëtt, wat, menger Meinung no, vollstänneg onsënneg ass. Anerer mussen dofir méi bezuelen. Mir wëssen, dass an der Politik vun der EU Groussbritannien, egal wat fir eng Regierung do um Rudder ass, sech net ëmmer ganz kollaborativ verhält vis-à-vis vun deenen aneren EU-Länner, an dofir enthalen ech mech bei dësem Gesetzesprojet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, ech wëllt selbstverständlech näischt deem exzellente Rapport vum Här Wiseler bäifügen, deem d'Geschicht gemaach huet vun de Ressources propres, ech wëll just drun erënneren, dass ech d'lescht Joer bei der europäescher Debatt am Mäerz 2001 kuerz iwwert dat geschwat hunn, wat den Här Statsminister a groussen europäesche Rieden an am Conseil Ecofin zur Diskussioun bruecht huet, nämlech d'Fro vun enger europäescher Steuer. Deemools hat den Här Statsminister mer an engem Zwëscheruff gesot, hien hätt eigentlech dat am Ecofin nëmme virbruecht, fir dass dat emol géif ufänken diskutéiert ze ginn.

Ech wollt den Här Minister Frieden froen, wéi wäit se mat där Diskussioun um europäesche Plang sinn. Ech hat deemools am Mäerz och hei gesot, dass ech d'Iddi vun enger europäescher Steuer a sech net ganz gutt géif fannen – d'Iddi vum Statsminister war jo, fir dass d'Leit sech besser kënnte mat Europa identifizéieren –, well dee Système de ressources propres, wéi en de Moment ass, jo net ganz transparent ass a wéineg Leit en dobausse verstinn. Et ass geduecht ginn, dass wann een eng europäesch Steuer hätt, et méi einfach wär fir d'Bierger, fir sech mat Europa ze identifizéieren. Ech perséinlech fannen dat net, mä ech ka mer awer virstellen, dass een um Plang vun de Finanzministeren doriwwer diskutéiert, an dofir wollt ech den Här Minister froen, wéi wäit déi Diskussioun gedieë wär?

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Budgetminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen der Finanzkommissioun an hirem Rapporteur, dem Här Claude Wiseler, villmools merci soe fir déi Rapiditéit, mat där se dese komplexe Projet analyséiert a virbruecht hunn. Ech entschëllege mech am Numm vun der Regierung derfir, dass dat vläicht e bëssen ze schnell gaangen ass, mä déi aner Länner hunn och relativ schnell déi legislativ Procédure an hire Länner gemaach. D'Belsch a Lëtzebuerg sinn déi lescht Länner, déi dës Décisioun iwwert d'Ressources propres vun der Communauté nach mussen unhuelen.

Zu Laeken, an deem leschten Ecofin ass gesot ginn, dass dës Décisioun soll an alle Memberstaten den 1. Februar a Kraaft sinn. Si wäert awer vum 1. Januar vun deem Joer retroaktiv spillen, an dofir sinn ech, wéi gesot, am Numm vun der Regierung ganz dankbar, dass och mir dat Engagement kënne respektéieren.

Den Inhalt ass komplex. Wat fir Lëtzebuerg zielt, dat ass, dass deem neie Finanzéierungsmodus vun der Europäescher Unioun net méi deier gëtt wéi deem, dee mer virdrun haten. An alle Berechnungen, déi mer gemaach hunn, an et ass richtig, wéi den Här Wiseler seet, do muss ee sech op verschidden Hypothese baséieren, muss Lëtzebuerg net méi an d'Gemeinschaftskeess abezuele wéi bis elo. Fir 2002 wäert et eng Erlichterung sinn. Eng, déi wuel

net substantiell ass, mä et ass awer eng Erlichterung vu schätzungsweis enger Millioun Euro. Et ass besser, mir hunn déi, wéi wa mer se misste méi bezuelen. Dofir eis Satisfaktioun, dass dee Schlëssel eis net méi kascht wéi dat, wat mer virdrun hu missen ofginn.

Ech hu gesot, et ass e komplexe Projet an et ass eng komplex Matière, deem europäesche Budget. Net nëmmen, Här Fayot, sinn et d'Leit dobaussen, déi dat net alles richtig verstinn, well et ass och bal net ze verstoen. Ech kann lech soen, dass och all déi, déi mat mir am europäesche Conseil vun de Budgetsministere sëtzen, ëmmer erëm soen, dass déi ganz Budgetsprozedur an d'Opstelle vum europäesche Budget vill méi komplizéiert sinn, wéi dat fir hir national Budgeten ass. Dat kënnt dohier, dass op der Recettesäit déi eenzel Zorte vun Elementer sinn, déi zum europäesche Budget féieren, an dofir deelen ech d'Meenung vum Statsminister an och vun aneren europäesche Finanzministeren, dass et am Fong besser wär, dass d'Bierger vun Europa zu hirem Budget en direkte Beitrag géinge maachen.

Et ass dat am Fong eng Iddi, déi ech als positiv ëmfannen, well wann een Deel ass vun eppes, wann een a säi Budget abezilt, esou wéi ee beim nationale Budget mat erabezilt, dann diskutéiert een och méi direkt mat iwwert d'Ausgabe vun deem Budget. Et fillt ee sech als e Stéck vun deem Ganzen.

Wichtig derbäi ass awer ëmmer, dass wann ee plädéiert fir eng europäesch direkt Steuer, dass dat net zu enger méi grousser Steuerlaascht vun de Bierger a vun den Entrepreneurs féiert. Dofir ass déi Iddi bis elo ëmmer am europäesche Conseil ofgewiert ginn, well déi meescht Ministere gesot hunn, mä dat féiert en fait herno derzou, dass eis Bierger an eis Entrepreneurs nach méi Steiere musse bezuelen, woubäi Lëtzebuerg ëmmer gesot huet, mä neen, aner Steiere mussen net erfalen. Dofir komme mer do net richtig weider, well eng ganz Rei vu Ministeren an Europa, contrairement zu der Lëtzeburger Haltung, ëmmer géint all Bestriewunge sinn, fir d'Steierpolitik aus nationaler Hand erauszeginn.

Mir sinn do oft méi europäesch wéi déi aner. Mir soen, et musse gewësse gemeinsam Regele gi bei der Besteuerung an Europa. Mir kënnten eis och ufrënne mat enger Iddi, wou et eng direkt europäesch Steuer géif ginn, a mir dann um nationale Plang kucken mussen, dass mer aner Steiere kënnen erofsetzen, well mer déi dann och net aus dem nationale Budget mussen un en europäesche Budget bezuelen.

Déi Diskussiounen hunn am Ecofin-Conseil ni eng ganz breet Plaz bis elo fonnt, mä et ass awer eng Iddi, déi een net soll vun der Hand weisen. Si ass ugeschnidde ginn am Conseil, och am Kontext vun der Besteuerung vun der Epargne an Europa, mä si ass ni op ganz fruchtbare Buedem gefall. Esou Iddie muss een ëmmer erëm opwerfen.

Ech mengen, dass se och eng Kéier missten opgeworf ginn am Kontext vun enger Revisioun vun den Traitéen, well domat och d'Grundlag vun dem Finanzement vun der Unioun muss iwwerkuckt ginn, och en vue vum Elargissement, wou och de Moien an der Europäescher Kommissioun gekuckt ginn ass, wéi den europäesche Budget géing an deenen nächste Joren ausgesinn, wann den Elargissement no 2004 héchstwahrscheinlech zum Deel stattfonnt huet.

Wat d'Duerstellung vun eiser Kontributioun am europäesche Budget par rapport zu eisem nationale Budget ass – déi Fro, déi den Här Krecké opgeworf huet –, esou kann ech mir dat alles iwwerleeën. Ech mengen awer, dass et grondsätzlech net falsch wär, dass een deen Deel, deen an den europäesche Budget geet an den Dépenses pour ordre stoen huet, well d'Dépenses pour ordre sinn am Fong all déi Dépenses, déi un een Drëtte ginn, a vu dass dat Steiere sinn, déi mir ophiewe fir d'Communauté am Beräich vun der TVA-Ophiewung,

mengen ech, ass dat keng falsch Duerstellung. Wat ech mer éischter virstellen, dat ass, datt ee méi oft communiquéert, wat eis Kontributioun an Europa ass, Recetten an Dépenses, an een dat vläicht op eng méi kloer, liesbar Aart a Weis dem Parlament an dem Land matdeelt, well ech ginn zou, datt dat fir een, dee sech net oft mat där Fro muss ofginn, quasi onméiglech ass, fir dat alles kennen nozevollzéien.

Dat gesot, Här President, soen ech nach eng Kéier merci fir déi breed a schnell Zoustëmmung, déi dëse Projet hei am Haus schéngt ze fannen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4898 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen of iwwert dee virleiende Gesetzprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Lucien Clement), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Théo

Stendebach), Emile Calmes (par M. John Schummer), Mme Agny Durdu (par M. Xavier Bettel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean Asselborn), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den Här Mars Di Bartolomeo freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, léif Kollegen, ech wollt den Dépôt vun enger Proposition de loi maachen als logesch Suite vun der Interpellatioun iwwert déi alarmant Situatioun am Wunnengsbau, iwwert d'Explosioun vun de Baulandpräisser an déi erhéichte Käschte vun de Wunnengen insgesamt.

Ech wollt dem President eng Proposition de loi iwwerreechen, déi zur Ännerung an zur Ergänzung vum Wunnengsbaugesetz vun 1979 soll féieren:

– Proposition de loi 4908 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Mars Di Bartolomeo, an déi Proposition de loi gëtt virugeleet un déi zoustänneg Kommissioun an un de Statsrot.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4739 iwwert déi technesch Enquête bei Akzidenter am Beräich vun der ziviler Aviatioun, der Schëfffaart an der Eisebunn. Et si bis elo ageschriwwen den Här Jung, d'Mme Delvaux, déi Häre Schummer, Greisen, Bausch a Bisdorff.